N°2062
Entrée le 11.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Huet eng Persoun säi Führerschäinsexame gepackt, kritt en an enger éischter Phas zwar e Führerschäin, befënnt sech awer nach wärend enger Zäit am Stage. Fir den endgültege Führerschäi kréien ze kënnen, musse betraffe Persoune fir een Dag an de Centre de Formation pour Conducteurs zu Colmer-Bierg, wou si un enger Rei vun Übunge mussen Deel huelen. Awer net nëmmen Autofuerer, déi sech nach an der Stagezäit befannen an hiren definitive Führerschäi wëlle kréien, mussen am Centre de Formation pour Conducteurs passéieren, mee och Persounen, déi scho méi Punkten op hirem Führerschäi verluer hunn. Ob dës Aart a Weis kënnen si nees Punkten dobäi kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ginn et am Moment fir jonk Autosfuerer, déi sech am Stage befannen an elo hiren definitive Führerschäi wëlle kréine, Waardezäite fir e Rendez-vous am Centre de Formation pour Conducteurs? Wa jo, wéi laang sinn dës Waardezäiten am Moment?

2. Ginn et am Moment fir Autosfuerer, déi nees Punkten op hirem Führerschäi wëlle bäikréien, Waardezäite fir e Rendez-vous am Centre de Formation pour Conducteurs? Wa jo, wéi laang sinn dës Waardezäiten am Moment?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten